

# DAT NEIT WHISTLEBLOWER- GESETZ

Rechter a Flichte fir  
e wierksamen an  
ausgeglachene Schutz



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Dat neit Gesetz iwwert de Schutz vun de Whistleblower huet d'Zil, d'Richtlinn (EU) 2019/1937 vum Europäesche Parlament a vum Europäesche Rot vum 23. Oktober 2019 iwwert de Schutz vu Persounen, déi Verstéiss géint d'Recht vun der Europäescher Unioun mellen, an nationaalt Recht ëmzesetzen.



## 1. WIEN ASS VUN DEEM NEIE GESETZ IWWERT D'WHISTLEBLOWER BETRAFF?

Et geet apaart ëm all Persoun zu Lëtzebuerg, déi am Kader vun engem géigewäertegen, vergaangenen oder zukünftigen Aarbechtsverhältnis Verstéiss géint nationaalt oder europäescht Recht mellt. Dësen neie legale Kader kënn bei d'Prozeduren derbäi, déi et scho fir de Finanzsecteur ginn, grad ewéi bei déi, déi am Kader vun der Korruptiouns- a Geldwäschbekämpfung a vun der Terrorismusfinanzéierung virgesi sinn.

## 2. WÉI ENG ZILER HUET DAT NEIT GESETZ?

D'Hauptzil vum neie Gesetz ass et, de Whistleblower mat kloer festgeluechte Rechter a Flichten e wierksamen an ausgelachene Schutz zouzesécheren, déi rechtlech Onsécherheeten ze verréngeren, deenen d'Whistleblower zur Zäit ausgesat sinn, a deemno dozou bäizedroen, de Respekt vum Rechtsstaat ze stäerken.



# Firwat

### 3. IWWER WÉI ENG KANÄL VERFÜGEN D'ERSTELLER VU MELDUNGEN, FIR EPPES ZE MELLEN?

Den Ersteller vu Meldunge gëtt geroden, an engem éischte Schrëtt intern Meldunge den externe virzezéien. Fir eng intern Meldung muss en interne Kanal benotzt ginn, deen déi rechtlech Entitéiten aus dem Privatsecteur an aus dem öffentleche Secteur mat op d'mannst 50 Beschäftegte grad ewéi d'Gemenge mat 10 000 Awunner oder méi ariichte mussen. Eng extern Meldung kann iwwer eng vun den zoustännegen Autoritéiten erstellt ginn, déi am Gesetz opgezielt ginn – CSSF, CAA, CNPD, ITM asw. –, déi dem Ersteller vun der Meldung no dräi bis sechs Méint eng Réckmeldung liwweren an d'Geheimhalung vun der Identitéit vum Ersteller op allen Niveaue sécherstelle muss.

# Wéi



### 4. WÉI ENG FLICHTE GINN ET GENEË FIR D'ARIICHTE VUN INTERNE KANÄL?

D'Entitéiten aus dem Privatsecteur mat tëscht 50 an 249 Beschäftegte si vum 17. Dezember 2023 u verpflichtet, Kanäl fir intern Meldungen anzeriichten. Fir d'Entitéiten aus dem Privatsecteur an aus dem öffentleche Secteur mat manner ewéi 50 Beschäftegten a fir d'Gemenge mat manner ewéi 10 000 Awunner ass d'Ariichte vun engem interne Kanal fir Meldungen optionell.

Déi intern Kanäl fir Meldunge kënnen vun enger dozou bestëmmte Persoun oder vun engem dozou bestëmmten Service intern verwalt oder extern vun engem Drëtte geliwwert ginn. Si mussen gesécherter ageriicht, opgestallt a verwalt ginn, fir d'Geheimhalung vum Ersteller vun der Meldung senger Identitéit grad ewéi vun allen Drëtten, déi an der Meldung erwäänt ginn, sécherzustellen a fir den Zougang zu deene Kanäl duerch Mataarbechter ouni Erlabnis ze vermeiden. ►

- ▶ Déi Persoun oder dee Service, déi fir den Empfang vun de Meldunge verantwortlech ass, muss onparteiessch sinn a kompetent, fir d'Weiderverfolgung duerchzeféieren (juristeschen Service, Service fir Compliance, Beoptraagte fir d'Personal, Beoptraagte fir den Dateschutz, speziell Beoptraagten asw.). No der Meldung kritt den Ersteller innerhalb vu 7 Deeg eng Empfangsbestätegung geschéckt. Den Ersteller vun der Meldung muss verséichert kréien, datt en innerhalb vun 3 Méint eng Réckmeldung kritt.

## 5. ÈNNER WÉI ENGE BEDÉNGUNGE KRITT EEN DE STATUT VUM WHISTLEBLOWER?

Den Ersteller vun enger Meldung kritt de Statut vum «Whistleblower» ënner zwou Bedéngungen unerkannt:

- > Den Ersteller vun enger Meldung muss verstänneg Grënn hunn, fir ze mengen, datt déi matgedeelten Informatiounen iwwer Verstéiss zum Zäitpunkt vun der Meldung wouer sinn.
- > D'Meldung gouf schonn intern oder extern iwwer déi duerfir virgesinne Kanäl matgedeelt oder d'Informatioun gouf schonn öffentlich bekanntgemaach.



## 6. WÉI ENG BEDÉNGUNGE MUSSE BEI ENGER ÖFFENTLECHER BEKANTMAACHUNG AGEHALE GINN?

E Verstouss kann öffentlich bekanntgemaach ginn, wann eng vu deenen zwou follgende Bedéngungen erfëllt ass:

- > Et gouf eng intern an/oder eng extern Meldung, awer am Zäitraum, deen dofir virgesinn war, gouf keng entspreichend Moosnam ergraff.
- > Den Ersteller vun der Meldung huet raisonnabel Grënn fir ze mengen, datt de Verstouss eng onmëttelbar oder offensichtlech Gefor fir d'Wuel vun der Allgemengheet duerstelle kann, oder den Ersteller riskéiert Repressalien oder e mengt, datt et wéineg Chancë ginn, datt de Verstouss wierklech ënnerbonne gëtt.





## 7. WÉI GËTT E WHISTLEBLOWER KONKRET GESCHÜTZT?

Fir unzefänken, ass de Whistleblower net haftbar, wann d'Meldung den opgezielte Bedéngungen entsprécht, a wann déi matgedeelten Informatiounen legal beschaaft goufen. Ausserdeem beschützt d'Gesetz de Whistleblower viru sämtleche Forme vu Repressalien, och virun Droungen a Versich vu Repressalien – zum Beispill eng Entloossung oder eng änlech Moosnam (Réckstufung, Aufgabeverlagerung, Disziplinarmoosnamen, Diskriminierung asw.).



## 8. WÉI ENG SANKTIONNE GESÄIT DAT NEIT GESETZ VIR?

D'Gesetz gesäit Sanktiounen géint juristeschen Entitéiten aus dem öffentliche Secteur an aus dem Privatsecteur vir, wann déi nei Bestëmmungen net a gehale ginn, grad ewéi géint d'Ersteller vu Meldungen oder vun öffentliche Bekanntmaachungen mat falschen Informatiounen, déi haftbar gemaach kënnen ginn. Si ginn och haftbar gemaach, wann d'Informatiounsbeschafung e strofrechtleche Verstouss duerstellt.

Wann d'Flichten, déi dëst Gesetz virschreift, net a gehale ginn, ka géint d'Entitéiten aus dem öffentliche Secteur an aus dem Privatsecteur eng administrativ Geldstrof vu 1 500 bis

250 000 Euro verhaange ginn (déi bei enger Widderhuelung an engem Zäitraum vu 5 Joer verduebelt gëtt).

Géint e Patron, dee Repressalien ausüübt oder dee mëssbräichlech Prozeduren géint Ersteller vu Meldungen ënnerhëlt, kann eng Geldstrof vun 1 250 bis 25 000 Euro verhaange ginn.

Géint den Ersteller vun enger Meldung, dee falsch Informatiounen matgedeelt oder öffentlech bekanntgemaach huet, kënnen eng Prisonsstrof vun 8 Deeg bis 3 Méint an eng Geldstrof vun 1 500 bis 50 000 Euro verhaange ginn.

## 9. WÉI ENG AUFGAB HUET DEEN NEI GEGRËNNTEN SERVICE FIR MELDUNGEN AN DEEM ZESUMMENHANG?



Deen neien Service fir Meldungen (Office des signalements) ënnersteet dem Justizministère. Zu sengen Aufgaben zielen ënner anerem d’Berodung an d’Begleedung vu méiglechen Ersteller vu Meldunge während hiren Demarchen, d’Sensibiliséierung vun der Ëffentlecheet fir d’Bestëmmunge vun dësem Gesetz, d’Zesummenaarbecht mat deenen anere kompetenten Autoritéiten, d’Virbereedung vun Äntwerten op sämtlech Froen, déi dëst Gesetz betreffen, an d’Erfëlle vun Opträg, déi e während externe Prozedure mat Meldungen zougewise kritt.

De Service fir Meldungen (“Office des signalements”) wäert en Internetsite hunn, wou sech all déi néideg Informatiounen iwwer d’Verwendung vun den interne Kanäl fir Meldungen, den Empfang vun externe Meldungen (E-Mail- a Postadressen, Telefonsnummere, Kontaktdate vum Service fir Meldungen) an d’Prozeduren, déi unzewende sinn, befannen. Dozou gehéieren d’Vertraulechkeet vun de Meldungen, d’Méiglechkeet zousätzlech Informatiounen ze froen, d’Aart vun der Weiderverfolgung, den Zäitraum fir eng Réckmeldung ze kréien an d’Aart vun der Réckmeldung. De Site bitt och Informatiounen iwwer d’Bedéngungen, fir de Statut vum Whistleblower ze kréien, d’Ëmstänn ënnert deenen de Whistleblower kann haftbar gemaach ginn, d’Optiounen fir e Recours an d’Prozeduren, déi de Schutz viru Repressalie betreffen.

## + INFORMATION

Fir weider Informatiounen gëtt et en Themendossier um Site vum Justizministère.

[WWW.MJ.GOUVERNEMENT.LU](http://WWW.MJ.GOUVERNEMENT.LU)

